ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 5175
Reçue le 02.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.11.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem gemeinsame Communiqué vum 11. Oktober hunn d'CGFP, den LCGB an den OGBL sech ganz erstaunt iwwert d'Zesummesetzung vun der neier Plattform fir Klimaaktioun gewisen, well déi national Gewerkschaften an dësem Gremium net duerch en direkte Vertrieder representéiert ginn.

Dozou géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) No wéi enge Krittäre ginn déi gesellschaftlech Vertrieder fir dëse Gremium ausgewielt?
2) Wéi eng Gespréicher hunn am Virfeld mat deenen eenzelen Acteure stattfonnt?
3) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, keen direkte Vertrieder vun de Gewerkschaften zouzeloossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5175 vum 2. November 2021 vum éierewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert "Composition de la nouvelle plateforme action climat et transition énergétique"**

D'Zesummestellung vun der neier Plattform fir Klimaaktioun an Energietransitioun ass an de grousse Linnen am Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 festgehale. Se ass och am Aklang mat den Dispositiounen aus dem „europäësche Klimagesetz" respektiv dem Reglement iwwert de Gouvernance-System fir d'Energieunion a fir de Klimaschutz. Op dëser Basis hat de Regierungsrot eng éischt Propositioun ausgeschafft wat déi Organisatiounen déi op der Plattform sollte vertruede sinn ubelaangt, woubäi grousse Wäert op eng equilibréiert Representatioun tëscht de Vertrieder aus der Zivilgesellschaft respektiv den Entreprisen an Investisseuren geluecht gouf. An de leschte Wochen goufen eng Rei vu Gespréicher mat ënnert anerem de gesellschaftleche Vertrieder gefouert. D'Regierung wäert, soubal dës Gespréicher ofgeschloss sinn an am Virfeld vun der éischter formeller Reunioun vun der Plattform, hier Zesummestellung nach emol iwwerschaffen, ouni awer den uewen genannten Equiliber a Fro ze stellen.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2021
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung